Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. September 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Wéi et an engem Artikel "*Auf dem Weg zum CSV-DP-Staat*" deen de 25. August op Reporter.lu publizéiert gouf, heescht, huet d'Regierung an dëser Legislaturperiod insgesamt 33 sougenannt politesch Beamten "certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'Etat" agestallt. Dës Beamte ginn net iwwert den üblechen Déngschtwee agestallt a brauchen zum Beispill kee Staatsexamen ze duerchlafen.

An deem Zesummenhang géife mir dem Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht gär dës Froe stellen:

1) Op Basis vu wéi enger Prozedur ginn dës politesch Beamten nominéiert an agestallt?
2) Mussen déi sougenannt politesch Beamten iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit verfügen? Falls net, firwat net?
3) Mussen déi sougenannt politesch Beamten eis dräi administrativ Sprooche mëndlech a schrëftlech beherrschen? Falls jo, op wéi engem Niveau? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert

Fred Keup
Deputéierten